



SLP.LU

Société Luxembourgeoise
de Psychologie asbl

NEWSLETTER

Numéro 1
Année 2017

Contenu

Psychothérapie	1
Organisme de formation	1
SLP Websäit	1
Administratives vun der SLP	2
Mir heeschen Wëllkommen	2
Save the Date	2

Psychothérapie

De leschten Donneschden 2. Februar ass d'FAPSYLUX (Fédération des Associations représentant des Psychothérapeutes au Grand-Duché de Luxembourg) gegrënnt ginn. Als Presidentin ass d'Delphine Prüm vun der ALuTheCC (Association Luxembourgeoise de Thérapie Cognitivo-Comportementale) gewielt ginn an vun Säiten vun der SLP aus sinn d'Lara Erpelding an d'Mareike Bönigk vertraueden. D'FAPSYLUX hält an deene nächsten Deeg Kontakt mat der CNS op fir eng Konvention fir d'Tariffer vun de Psychotherapeuten ze negociéieren.

Organisme de formation

Dir hutt et vläicht op eiser Websäit ënner dem SLP Logo gemierkt: d'SLP ass och elo als "Organisme de Formation" duerch de Ministère unerkannt sinn. Dëst erlaabt eis an Zukunft eise Memberen Formatiounen unzebidden déi am Kader vum Lifelong Learning unerkannt kënnen ginn.

SLP Websäit

Mat Freed hu mir festgestallt, dat eis nei Websäit vill consultéiert gëtt, besonnesch wat den Annuaire des Psychologues ugeet, wou mir versichen, déi bescht Referenz op dem Gebitt hei am Land ze ginn. Tëscht dem 8te Januar an 7te Februar 2017 ass d'Homepage 2.509 mol opgemeet gin a vun 1.350 nei Useren gekuckt gin. 77 % vun de Useren stamen aus Lëtzebuerg, 4,9 % aus Frankräich, 4,3 % aus Däitschland an 2,79 % aus de Belsch.

Mir encouragéieren wärmstens all eis Memberen, déi hire Profil bis elo nach net ausgefëllt hunn, dëst sou schnell wéi méiglech ze maachen. An annerhallwe Mount wëlle mir dann eng gezielt Werbecampagne starten.

Mir bieden och all eis Memberen déi vum Gesondheetministär autoriséiert sin Psychotherapie auszeüben, eng Kopie vun hierer Autorisatioun un d'Sekretariat vun der SLP ze verschecken, sou datt dës Spezialitéit op dem Profil ugewisse ka gin.

Administratives vun der SLP

D'Aarbecht hëllt kontinuéierlech zou, an d'Entscheidung stonneweis op eng Sekretärin zrëck ze gräifen, huet sech als méi wéi sënnvoll rausgestallt. Hei e puer Besipler : Am Mount Januar goufen et net manner wéi **54** Ufroen un contact@slp.lu.

Mir soën eise Memberen Merci fir hir Gedold.

Mir heesche Wëllkomm

Säit Ufank 2017 si folgend nei Psychologen Member bei der SLP gin. De Virstand vun der SLP heescht si häerzlech Wëllkomm.

- VAN DER EECKEN Natascha
- TURMES Lynn
- FERREIRA BENTO DA ROCHA Ana Isabel
- MALINVERNI Paola
- LOOS Cathia
- COSYN Lisa
- DIAS José
- DE MAESMECKER Chantal
- MOJCA Mali
- RAIMUNDO Lucia

Save the Date

Déi nächst Assemblée Générale Ordinaire vun der SLP fënnt den 31te März um 19 Auer am Centre Sociétaire um Cents statt.

Contenu

Psychothérapie	1
Organisme de formation	1
SLP Websäit	1
Administratives vun der SLP	2
Mir heeschen Wëllkommen	2
Save the Date	2